



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le **26 OCT. 2021**

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°5025 du 29 septembre 2021 de l'honorable député Monsieur Fred Keup, concernant l'alimentation électrique de certaines gares, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,
op d'parlamentaresch Fro N° 5025 vum 29. September 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup
iwwer d'Stroumversuegung op verschiddene Garen**

Zu Wuelpereng an zu Däitsch-Oth, wou d'CFL, also de Lëtzebuerger Staat, zwee Zuchquaie gebaut huet fir déi franséisch Frontalieren, gëtt et säit iwwert enger Woch owes kee Stroum op de Quaien. Dee gouf vun de franséischen Autoritéiten ofgespaart.

1) Leien dem Här Minister Informatiounen vir, firwat déi franséisch Autoritéiten op dëse Quaien owes de Stroum ofgespaart hunn?

Op Grond vun enger Gesetzesännerung (loi 2019-1147 relative à l'énergie et au climat du 8 novembre 2019) am Frankräich déi den 1. Januar 2021 a Kraft getrueden ass, huet d'EDF (Electricité de France) de Kontrakt mat der CFL geännert an duerno déi fälleg Rechnungen op eng falsch Adress geschéckt. Well d'CFL déi Rechnungen ni krut, konnten se net bezuelt ginn. Dofir huet d'EDF dunn de Stroum ausgeschalt.

2) Sinn déi Lëtzebuerger Autoritéiten iwwer dës Décisioun informéiert ginn?

D'CFL ass doriwwer informéiert ginn, dass de Kontrakt géing geännert ginn, mä dat sollt automatesch geschéien, ouni, dass d'CFL do eppes hätt missen ënnerhuelen. Ewéi kee Stroum méi op de Quaien war, ass dat de Clienten an och der CFL opgefall, well ausser d'Belichtung déi net méi funktionéiert huet, och d'Billjetsautomate kéng Réckmeldung méi un den Informatik-Server ginn hunn.

3) Ass den Här Minister bzw. d'Direktioun vun den CFL intervenéiert, fir dës Problem ze léisen?

Wéi de Problem bis bekannt war, hunn d'CFL direkt versicht d'EDF ze erreechen. Dat war awer komplizéiert, well d'EDF schwéier aus dem Ausland ze erreechen ass an hire Clients-system hallefautomatesch funktionéiert an een d'Clientsnummer muss aginn fir eng Verbindung ze kréien. Déi Nummer gouf awer och vun der EDF geännert, wéi de Kontrakt geännert gouf. Deemno war et net méiglech d'EDF vu Lëtzebuerg aus ze kontaktéieren. Ee franséische Mataarbechter vun der CFL huet du vu sengem privaten Telefon aus Frankräich d'EDF kontaktéiert. An engem Telefongespréich konnt de Problem du gekläert an och a kuerzer Zäit (2 Deeg) geléist ginn.

4) Koum et duerch dës Décisioun zu Tëschefällen op de Quaien?

D'CFL krut kéng Reklamatiounen zu deem Sujet an et ass och keen Tëschefall um Quaien bekannt.